



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

ALEM Studenteninterview

Numm : Isabelle

Studiestad : Nanzeg

1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

2. Joer/3 Semester

2. Firwat wollts du Medezin studéieren?

Säit klengem un huet mech den mëschlechen Kierper fasziniert an den Beruff vum Dokter huet mech schon ëmmer ugesprach. Mee ab dem Moment wou ech am Éischt Hëllef Team vun mengem Lycée bis aktiv war, wouss ech ganz kloer dass ech Medezin studéieren wéilt. Wat ech mech méi iwwert de Studium an iwwert de Beruff selwer informéiert hunn, wat meng Entscheidung ëmmer méi definitiv ginn ass.

3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?

Ech sinn vun enger C Sektoun komm an muss soen dass ech mech gutt virbereet gefillt hunn. Op der Uni.lu huet de Programm op dat opgebaut wat mir schon am Lycée gesinn haten. Menger Meinung no kritt een op der C Sektoun déi neidesch Basis fir kënnen op der Uni nozekommen ouni alles vun frësch mussen unzefänken. Op der C Sektoun kritt en och eng logesch Denk Aart a Weise geléiert déi wichteg gëtt fir de Studium.

4. No wéi engen Critèren soll een denger Meinung no seng Unisstad eraussichen?

Menger Meinung no soll een sech an senger Unisstad haaptsächlech wuel fillen. Et soll een am Beschten all déi Unissted besichen goen fir déi een sech interesséiert, wann di Méiglechkeet besteet, an sech bëssen an der Staat selwer aliewen. Et ass wichteg déi Staat richtig ze besichen an net nëmmen déi touristesch Saachen kucken ze goen. Menger Meinung no soll een och probéieren mat Léit aus der Staat ze schwätzen fir eng besser Iddi ze hunn. Wat mir och vill gehollef huet, ass mat Studenten ze schwätzen déi grad do op der Uni waren wou ech hi wollt. Méi al Studenten kënnen sech aus an kënnen iech am beschten dobäi hëllefën äre Choix ze treffen. Et ass och ganz interessant ze wësse wei d'Studenteliewen op den verschiddene Stied ass.

5. Wéi hues du dech mat der Admissioun gemaach? (Nott, Examen d'admission, etc.)

Ech wollt schon ëmmer a Frankräich studéieren an wouss dass d'Uni.lu Accorden mat puer Franséisch Unien hat, déi et erlaben direkt an d'zweet Joer ze kommen. Op der Première hunn ech mäi bescht ginn mee hat net deen Drock op mengen Schëlleren eng 1.0 onbedéngt mussen ze hunn. Ech wouss dass op der Uni.lu eng Dissertatioun an d'Zensuren vun den leschten 3



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

Joren gekuckt géinge ginn. Ech hu mir dann Zäit geholl an probéiert déi bescht Dissertatioun ze schreiwen fir hoffentlech op der Uni.lu ugeholl ze ginn.

6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?

Bei menger Umeldung hatt ech perséinlech net vill geännert. Wat wichteg ass, ass ëmmer en zweeten Choix bezéiungsweis en drëtten ze hunn falls den éischten awer net méiglech ass. En Tipp deen ech géing weider ginn ass wierklech vun Ufank un eppes ze mann an sech d'Aarbecht am viraus opzedeelen, well dat wäert iech vill Stress erspueren. En Tipp zur Umeldung an Choix deen ech géing weider ginn ass sech gutt iwwert all eenzel Choix ze informéieren an wann d'Méiglechkeet besteet och mat Studenten déi do sinn an Kontakt ze kommen soudass een och all seng Froen stellen kann. Et ass och extrem wichteg sech gutt iwwert déi verschidden Deadline am viraus z'informéieren.

7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?

Ech sinn zefridden mat menger aktueller Uni. Obwuel et en zimmlech groussen Ënnerscheid ass tëschent der Uni.lu an Nanzeg, hunn ech mech relativ gutt adaptéiert. D'Kueren zu Nanzeg sinn am zweete Joer am Nomëtten wat mir erlaabt moies d'Kueren bëssen virzebereeden oder Saache ze widderhuelen. D'Proffe sinn meeschtens och oppen zu Froen zum Schluss vun de Kuere falls der solle sinn, mee et muss ee bedenken dass een zu vill Studenten am Joer ass.

8. Wéi ass et mat der Fräizäit?

Et ass méiglech an der Medezin Fräizäit ze hunn, dass alles eng Fro vun Organisatioun. Et muss ee sech am viraus d'Saachen opdeelen soudass een ëmmer en Stéck mëscht an net alles fir déi lescht Minutt léisst. Wann een sech gutt organiséiert dann ass et méiglech sech mat Kolleegen ze treffen oder soss eppes ze maachen fir sech selwer. An der Medezin ass et och wichteg Zäit fir sech selwer ze huelen an net nëmmen sech op d'Uni ze konzentréieren.

9. Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?

Ech hat bis elo nach keng gréisser schlëmm Erfahrungen am Studium. Am Ufank ass et mir schwéier gefall mech gutt ze organiséieren wat dono och zu Stress a Verzweiwung gefouert huet. Ech war am Lycée ëmmer eent wat op den lëschten Stéppel geléiert huet an ni richtig am viraus geléiert huet. Ech hunn e bëssen Zäit gebraucht fir mech un d'Uniliewen ze gewinnen an haaptsächlech ze léieren wéi een richtig an produktiv léiert.

10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?

Wat mir besonnesch gutt gefall huet bis elo ass den Stage Infirmier zu Lëtzebuerg. Obwuel ech net dat gemaach hunn wat en Dokter mëscht, hunn ech fonnt dass et eng ganz wäertvoll Erfahrung war. Den Stage huet mir erlaabt d'Aarbecht vun den Infirmiëren besser ze schätzen. An dësem Stage hat ech och d'Geleeënheet puer Saachen vun den Dokteren gewisen ze kréien oder nozekucken.



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Ech sinn ganz zefridden mat mengem Choix Medezin ze studéieren. Medezin ass en schwéiere Studium mee gläichzäiteg och en flotten. Wann een dofir passionéiert ass, dann ass de Studium wierklech interessant an mëscht engem Spaass. Natierlech am Ufank ass vill Theorie mee lues a lues gëtt dat praktescht och integréiert.

12. Hues du schonn Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Am Lycée hunn ech en Stage d'Orientatioun gemaach fir mech bëssen besser mat der medezinescher Welt auserneen ze setzen. Ech hunn dëse Summer ee Stage Infirmier zu Lëtzebuerg gemaach. Ech hat nach keng Stagen am Ausland mee mir huet den Stage zu Lëtzebuerg wierklech gutt gefall. Hunn mech vun der ganzer Equipe encadréiert gefillt an hunn och vill bäigeléiert.